N°2921
Entrée le 23.09.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.09.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/09/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

D'Gewerkschaft FGFC huet op hirem Protestpiquet vum 19te September op Mëssstänn beim TICE opmierksam wollte maachen. Et goufe vill Virwërf géint d'Personalmanagement vum TICE an d'Ambiance beim Gemengesyndikat schéngt fir vill Employéeën un engem Déifpunkt ugelaangt ze sinn.

D'FGFC informéiert, dass Decisioune géint Employéeë geholl goufen, déi géint Gesetzer géife verstoussen. An deem Kontext hat d'FGFC och den Inneministère eng 7 Bréiwer geschriwwen, wouvunner awer bis haut nach keen Eenzege beäntwert gouf.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wäert den Inneminister op d'Bréiwer vun der FGFC äntweren?

2. Den Inneminister hat an der Äntwert op meng Fro n°2543 geschriwwen:
   "*Ech erënneren drun, dass d'Gestioun vum Personal eng exklusiv Kompetenz vum Bureau vum Gemengesyndikat ass a senger eegener Responsabilitéit ënnerläit.*"

   Wéi ee Roll spillt den Inneministère, als Autorité de Tutelle vun de Gemengen, bei der Kontroll vun den Aktivitéite vu Gemengesyndikater an Decisioune vu Gemengen, déi d'Gemengesyndikater betreffen?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

3. Wäert den Inneminister dofir suergen, dass d'Delegéiert vun den onofhängeg gewielte Personaldelegatiounen d'Rechter vun hirem Mandat kënnen ausüben?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten